Le caractère urgent de la question a été reconnu (23.02.2021)

n° 3695

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2021

REÇU
Par Alff Christian , 09:08, 23/02/2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Am Kader vum aktuelle Covid-Gesetz mat Prise d'effet den 22. Februar 2021 ass gesot ginn, d'Schüler misste vum Cycle 2 un och wärend dem Unterrecht am Klassesall déi ganzen Zäit e Masque unhunn.

Am Artikel 4 (8) vun deem Gesetz steet awer geschriwwen: „Les règles énoncées aux paragraphes 2, 4 et 5 ne s'appliquent pas aux activités scolaires, y inclus péri- et parascolaires." Deemno ass d'Masqueflicht wärend de Schoulstonnen just eng Recommandatioun.

An deem Kontext, an och well et eisen Informatiounen no vill Kanner gëtt, déi vun hiren Elteren net ugehale ginn, de Masque am Klassesall ze droen, erlabe mir eis, folgend Froen un den Här Educatiounsminister ze stellen:

- Huet den Här Minister Kenntnis vu Fäll, an deenen d'Kanner refuséieren, de Masque am Klassesall unzehalen?
- Wa jo, wéi eng Méiglechkeeten hunn d'Enseignanten, fir d'Kanner dozou ze beweegen, de Masque unzehalen?
- Wouranner besteet d'Base légale, fir d'Schüler ze obligéieren, de Masque wärend dem Unterrecht unzehunn?
- Wéi évaluéiert den Här Minister d'Noutwendegkeet, fir de Gesetzestext nozebesseren, fir dës wichteg zousätzlech Mesure géint eng weider Verbreedung vum Covid-19-Virus sou séier wéi méiglech konsequent kënnen ëmzesetzen?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Jean-Paul Schaaf
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 2 mars 2021

**REÇU**
*Par Christine Wirtgen , 07:23, 03/03/2021*

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

**Concerne : question parlementaire urgente n° 3695 de Madame et Monsieur les Députés Martine Hansen et Jean-Paul Schaaf**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire urgente posée par les honorables Députés Martine Hansen et Jean-Paul Schaaf.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3695 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Jean-Paul Schaaf**

**Ad 1)**

De Regionaldirektioune si vereenzelt Fäll gemellt ginn, an deenen d'Kanner hire Mask wärend dem Cours net wëllen unhalen. An dësem Zesummenhang goufe mengem Ministère 12 Fäll gemellt. Setzt een dës Zuel allerdéngs a Relatioun mat der Gesamtzuel vun iwwer 52.000 Schüler an de Lëtzebuerger ëffentleche Grondschoulen, gëtt kloer, wéi marginal dës Unzuel ass.

Fir den Enseignement secondaire si mir bis elo keng esou Fäll bekannt.

**Ad 2)**

Am Kontext vun der Maskepflicht an der Schoul ass Informatioun de wichtegste Facteur. Esou ass et wichteg, de Kanner an, wann néideg, hiren Elteren ze erklären, firwat et esou wichteg ass, de Mask am schoulesche Kontext ze droen an wéi dëst dozou bäidréit, d'Verbreedung vum SARS-CoV-2 anzegrenzen. D'Enseignanten informéieren hir Schüler fachlech a sachlech mat Bezuch op pertinent Quellen. An dësem Kontext sollen d'Schüler iwwert de Virus an déi néideg Gestes barrièren opgekläert ginn an et sollen hinnen d'Risiken, déi vun der Propagatioun vum Virus ausginn, méi no bruecht ginn, fir esou d'Wichtegkeet vum Anhale vun de Gestes barrièren ze ënnersträichen. Déi néideg Informatiounen an déi jeeweileg Quellen heizou stellt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend a reegelméisseg aktualiséierter Versioun ënnert anerem fir d'Léierpersonal op sengem Internetsite zur Verfügung.

**Ad 3) a 4)**

Am Kader vun der Annonce vun den neie Mesurë sinn den 12. Februar Circulairen un d'Léierpersonal verschéckt ginn. Dës Circulairen ernimmen an erkläeren déi nei Mesuren, ënnert anerem och déi generaliséiert Recommandatioun vum Droe vum Mask.

Mäi Ministère préift am Moment d'Opportunitéit fir déi sanitär Recommandatioune fir d'Schoul am Covid-Gesetz ze verankeren.